**Just4Fun Indiaca-Tournoi 15. Oktober 2017**

Bei desem Tournéier geet et haaptsächlech drëm Spaass um Indiaca-Spill ze hunn, awer natiirlech och fir sech géint aner Equipen ze moossen.

Umelle kënnt der är Équipe bis de 9. Oktober 2017 op comite@indiaca-alzeng.lu .

Et gëtt 4 géint 4 gespillt ; d'Equipe kann awer duerchaus aus 5 oder 6 Spiller bestoen déi sech dann um Terrain ofwiesselen.

Wa Spiller an ärer Equipe dobai sinn déi eng Indiaca-Lizens hunn, sou därfen der just nëmmen 2 Spiller mat Lizens gläichzäiteg um Terrain spillen.

Ufank vun de Matcher : 14h ; Ab 13h kënnt der Iech aschreiwen, undoen an opwiermen.

Sportstenue ass ubruecht an Haalenturnschlappen sinn Pflicht (keng Laafschong mat deenen een dobausse leeft!). Knieschoner si vu Virdeel et geet awer och ouni.

Gespillt gëtt eng 1. Ronn mat Gruppematcher : jee no Umeldung, ginn 2-4 Gruppe gemaach (mat maximal 6 Equippen pro Gruppe) wou di jeeweileg Équipen géinteneen spillen.
Dono gëtt et eng Plazéierungsronn wou all Equipe – jee no Umeldung – op mannst nach 2 Matcher spillt mat uschléissend enger Final.

Di offiziell Regelen vum Indiaca fannt der an eisem Reider "Downloads".
Fir dësen Tournoi ginn d'Regelen allerdéngs e bëssen vereinfacht.
D'Équipen sollen och ofwiesselnd den Arbitrage vun den Matcher maachen (een Arbiter an eng Persoun déi d'Punkten zielt). Deenen Équipen déi keng Persoun dobai hunn déi Regelen vum Indiaca kennt, kënnen mir ee vun eise Memberen bereetstellen fir den Arbiter. Mir bieden Iech just eis spéitstens bei der Aschreiwung den Dag selwer vum Tournoi bescheed ze soen.

Oflaf vum Tournoi:

Déi ageschriwwen Spiller sollen w.e.g. speitestens 13h50 färdeg ungedoen an der Haal sinn fir dass dei éischt Matcher pünktlech um 14h kënnen unfänken.

Dei 1. Ronn (Gruppenronn) dauert vun 14h bis ongefeier 16h30 (je no Unzuel vun den Équipen /Gruppen). No dëser Ronn maachen mir eng kleng Paus (+/- 15 min) an dann geet ët weider mat der 2. Ronn. An der 2. Ronn ginn d'Halleffinallen, d'Platzeierungsmatcher an d'Finallen gespillt. Dei 2. Ronn dauert ongefeier 1 bis 1 ½ Stonn.

15 bis 20 Minutten nodeems d'Finall färdeg ass (geint 18h30 oder 19h) gëtt an der Buvette d'Präisiwwerreechung gemaach. Hei kréien nët nëmmen d'Gewënner hiren Präis, mee ***all*** Spiller kritt nach een klengen Cadeau.

## Porte ouverte

Wann der keng Loscht op en Wettkampf hutt, mee einfach nëmmen Spaass mam Indiaca wëllt hunn, da si der gären wëllkomm fir einfach sou kucken a probéieren ze kommen.

Wann der probéiere wëllt, bréngt der am beschten och är Turnschlappe mat.

**Tournoi Indiaca Just4Fun      15 octobre 2017**

Le but du tournoi est de s'amuser en jouant Indiaca et d'affronter les autres équipes.

Les inscriptions peuvent se faire jusqu'au 9 octobre 2017 en envoyant un mail à l'adresse comite@)indiaca-alzeng.lu .

Les matchs seront joués à 4 contre 4, mais les équipes peuvent être composées de 5 ou 6 joueurs qui alterneront sur le terrain.

Pour les équipes composées partiellement de joueurs licenciés (en Indiaca) : seulement 2 joueurs licenciés sont autorisés simultanément sur le terrain.

Début des matchs : 14h00 ; A partir de 13h00 vous pouvez enregistrer votre équipe, vous mettre en tenue de sport et procéder à un petit réchauffement.

Il est conseillé de se vêtir en tenue de sport, des protections de genoux ne sont pas obligatoires mais présentent un avantage. Des chaussures de sport à utilisation exclusive dans les halls sportifs sont obligatoires. Aucune entrée dans le hall n'est autorisée avec d'autres chaussures.

Selon le nombre d'équipes inscrites, les équipes seront réparties dans différents groupes (2-4 groupes avec un maximum de 6 équipes par groupe). Au premier tour, chaque équipe d'un groupe jouera contre les autres équipes de ce groupe. Puis de matchs de placement seront jouées suivis des demi-finales et de la finale. Chaque équipe aura donc la chance de jouer plusieurs matchs.

Les règles du jeu Indiaca officielles se trouve sous notre onglet « Downloads ».
Pour ce tournoi des règles de jeu simplifiées seront cependant appliquées.
Les équipes devront aussi assurer à tour de rôle l'arbitrage des matchs (une personne comme arbitre et une personne qui compte les points). Pour les équipes qui ne sont pas familiarisées avec les règles du jeu, nous pourrons mettre un membre de notre club à disposition pour assurer l'arbitrage. Nous vous prions de nous en informer au plus tard lors de l'enregistrement le jour même du tournoi.

Déroulement du tournoi :

Les joueurs inscrits au tournoi sont priés d'arriver au hall au plus tard vers 13h50, vêtu en tenue de sport et prêt à jouer, afin que les premiers matchs puissent commencer à 14h comme prévu.

Le $1^{\text{er}}$ tour durera de 14h jusqu'à environ 16h30 (dépendant du nombre d'équipes/groupes). Après ce tour, une pause de +/- 15 minutes est prévu. Ensuite le $2^{\text{ième}}$ tour commencera, pendant lequel les demi-finales, les matchs de placement et la finale seront joués. Le $2^{\text{ième}}$ tour durera entre 60 et 90 minutes.

15 à 20 minutes après la fin de la finale (vers 18h30 ou 19h) la remise des prix aura lieu à la buvette. Lors de cette remise des prix, **tout** joueur recevra un petit cadeau.

## Porte ouverte :

Les personnes qui ne veulent pas jouer en compétition, mais qui préfèrent s'amuser en suivant les matchs sont les bienvenues, l'entrée est gratuite.

Il sera aussi possible d'essayer de jouer l'Indiaca sans participation dans le Tournoi (ne pas oublier les chaussures de sport s.v.p.)